Paroisse Saints Pierre et Paul ETTELBRÉCK
Colmar-Berg, Ettelbruck, Feulen, Mertzig, Schieren

**PAR DIKRICH LE BON PASTEUR**

**PAR ETTELBRÉCK SAINTS-PIERRE-ET-PAUL**

***PARBRÉIF/BULLETIN PAROISSIAL***

***NR.6- 2024 (13.07. – 15.09.)***



*Foto: Jean-Paul Möller*

# LEINEN LOS!

aufs offene Meer hinaus
ahnen
die Stürme kommen
die Wellen schlagen hoch
und trotzdem
weil die Weite lockt
und die unbekannten Ufer
der leuchtende Himmel in der Nacht
und die Stille

Die Leinen sind los
geworfen ins Vertrauen
das Schiff trägt
hinein in die Verheißung
des Horizonts

*Regina Hagmann, www.spurensuche.info,*
*In: Pfarrbriefservice.de*

# KOMMT, RASCHT E BËSSI!

Erhuelung, Rou, Opootmen, an dat grad elo an der waarmer Summerzäit! Dës Astellung ass eisem chrëschtleche Glawen net friem, mee se ass souguer déif a senger DNA verwuerzelt. D'Bibel ass voll mat Beispiller an deenen d'Mënsche sech aus der Hektik vum Alldag zréck zéien, fir an engem rouege Moment sech selwer an esou och den Härgott ze fannen. Huele mer just zwee Beispiller:
Am Alen Testament, am Buch Genesis, direkt am Ufank, de 7. Dag fir genee ze sinn, rascht den Härgott nodeems hien d'Welt erschafen huet.1. En anert Beispill fanne mer och am Neien Testament wou de Jesus zu senge Jünger seet, dass si matkomme sollen, op eng einsam Plaz fir sech e bëssi auszerouen. 2.



*© Photo: Véronique Feller*

Mer kennen et all, dass wa mer et mat der Aarbecht iwwerdriwwen hunn, de Kierper eis Warnsignaler schéckt fir eis drun ze erënneren och alt mol eng méi oder manner laang Paus ze maachen. Elo kënne mer eis awer d'Fro stellen, firwat, aus der Perspektiv vum Glawen, Erhuelung a Vakanz esou wichteg sinn?

Engersäits fir no der Paus erëm mat neier Kraaft a mat neiem Elan d'Evangelium mat Wuert an Dot ze verkënnegen. Anersäits awer och, fir grad an deene Momenter wou mer opootme kënnen, wou mer eben eng Auszäit vum Alldag hunn, erëm zu eis selwer ze fannen, eis och vläicht nei ze orientéieren an esou och den Härgott nei ze entdecken.

A wéini geet dat besser ewéi an der Vakanz? An deem Sënn wënschen ech eis all schéi Summerméint, mat der Chance, och emol Zäit ze hunn, fir sech déi eng oder déi aner Paus ze gënnen.

*Véronique Feller, Pastoralreferentin*

1. Gen, 2,3.
2. Mk 6,31.

## Wichteg Informatiounen - Pastoraléquipe

Léif Schwësteren a Bridder am Glawen, erlaabt mir, datt ech iech iwwert dëse Wee iwwert e puer Changementer informéieren. De Paschtouer Gregor Grzanka ass säit 5 Joer bei äis am Äerzbistum an esou säit 5 Joer an eiser Pargemeinschaft am Déngscht. Hien huet elo d'Nooriicht kritt, datt hie weider a Lëtzebuerg bleiwe kann, awer hie kritt eng nei Plaz. Ab Mëtt September gëtt hie Member an der Paréquipe vun der Par "Dräilännereck Musel a Ganer Saint-Nicolas". Mir loossen hien awer net einfach esou goen, mir wäerten him am Kader vun enger schéiner Feier Äddi soen, Detailer dofir kommen am Hierscht no.
Lieber Gregor, wir lassen Dich nur schweren Herzens gehen! Vielen Dank für Deine wertvolle Arbeit, für Dein Engagement und vor allem für Dein Gebet. Alles, was Du hier aufgebaut hast, wird weiter seine Früchte tragen und wir werden selbstverständlich verbunden bleiben !

Dem Gregor seng Plaz bleift awer net onbesat, et ass en anere Geeschtlechen, deen hien op dësem Poste wäert ersetzen: de Paschtouer Jeyaraj Santhanam, oder einfach, de Paschtouer Jey. Mir wäerten hien ab Mëtt September an eiser Pargemeinschaft ophuelen an feierlech begréissen. Och dozou gëtt et am Hierscht weider Informatiounen.
Lieber Pfarrer Jey, sei willkommen in unserer Pfarrgemeinschaft. Wir wissen um Deine wertvolle Arbeit in deiner jetzigen Pfarrei und wir freuen uns auf eine fruchtbringende Zusammenarbeit in der Verkündigung des Evangeliums !



## Information importante - Catéchèse Paroisse "Dikrich Le Bon Pasteur"

Wéinst verschiddene Changementer an eiser Pastoraléquipe wäert d'Kateches an der Par "Dikrich Le Bon Pasteur" nei organiséiert ginn. **D'Umeldunge fir d'Kateches sinn ab elo méiglech**, awer d'Kateches selwer fänkt erréischt fréistens Enn vum Hierscht/Ufank vum Wanter un. Mir wäerten iech weider Informatiounen matdeelen esoubal dat méiglech ass. Dofir biede mir iech ëmmer erëm eis Homepage an de Parziedel ze kucken. Mir soen iech Merci fir ärt Versteesdemech a mir stinn natierlech bei Froen zu Verfügung !

*En raison de divers changements de personnel, la catéchèse au niveau de la paroisse "Dikrich Le Bon Pasteur" sera réorganisée.* ***Les inscriptions à la catéchèse sont possibles dès maintenant****, mais la catéchèse elle-même ne ommencera qu'à la fin de l'automne/au début de l'hiver. De plus amples informations seront communiquées dès que possible. Pour cela, veuillez toujours garder un œil sur le site internet et le bulletin paroissial. Nous vous remercions de votre compréhension et nous restons bien entendu à votre disposition pour toute question.*

*Mme Regina Hüneke*
*Abbé Romain Richer*

**REDUZÉIERTE MASSEPROGRAMM AN DER SUMMERVAKANZ 2024**
***PROGRAMME RÉDUIT DE MESSES PENDANT LES VACANCES D'ÉTÉ 2024***
➡ ***Merci fir ärt Verständnis / merci pour votre compréhension***

- an der Woch / *pendant la semaine*: 2 Massen / *2 messes*
  - dënsdes um 9h30 zu Ettelbréck / *mardi à 9h30 à Ettelbruck*
  - donnesdes um 9h00 zu Dikrich / *jeudi à 9h00 à Diekirch*
- Weekend: heiansdo Ännerungen / *parfois des changements*

**Samsdeg / sam. 13.07.** *(Hl. Heinrich II. an Hl. Kunigunde, Keeserkoppel)*

| | | |
|---|---|---|
| Mäerzeg | 11.00 | **Daf** vum Mélodie Saraiva Weyland |
| CHdN Ett. | 15.00 | **Mass / messe** (fir all Leit / pour tous) |
| Dikrech | 17.30 | **Virowendmass** |
| Ettelbréck | 17.30 | **Virowendmass** fir Anna Agnes / Will Feider a Fam. / Abbé Gaston Kasel, Jos Kraus a Fam. Kraus-Kasel-Behm / op Meenung (A.T.) / als Stg fir Fam. Daman-Reuter |
| Bettenduerf | 19.00 | **Virowendmass** mat **Autoseenung** |
| Colmer-B. | 19.00 | **Virowendmass** als 1. JM fir Jacques Guden |

**Sonndeg / dim. 14.07. 15. Sonndeg Jkr B** Mk. 6, 7-13
*Ettelbrécker « Bounekiermes »*

| | | |
|---|---|---|
| Méchela | 9.00 | **Kiermesmass** |
| Méischtref | 9.00 | **Houmass** fir César Correia Costa / Felisberto Serrão |
| U-Feelen | 9.00 | **Houmass** als 2. JM fir Alice Losch-Haan / Mass fir Jean-Pierre Binsfeld / op Meenung zur Muttergottes (GS) |
| Angelduerf | 9.30 | **Houmass** |
| Dikrech, **Al Kierch** | 10.30 | **Houmass** am Kader vun « **Al Dikrich** » an **Treffe** vun de **Lëtzebuerger Massendénger** (Tarzisiusfeier) |
| Ettelbréck | 10.30 | **Houmass** als 6. WM fir Denise Elsen-Schank / Mass fir Anne Gehlen-Kauffmann an Edouard Gehlen / op Meenung (S-B) |
| Gilsdref | 10.30 | **Houmass** |
| Uewerschlënner Kapell Hl. Méchel | 15.00 ➡ | **Kiermesmass** zu Éiere vun der Hl. Kunigunde *uschl. gemittlicht Zesummesinn mat enger klenger Stärkung (org. vun der asbl « Frënn vun der Schlënner »)* |

**<u>Dënsdeg / mardi 16.07.</u>** *(Gedenkdag « Eis Léif Fra um Bierg Karmel »)*

Ettelbréck 9.30 **Mass** als 10. JM fir Charlotte Peiffer (fréier Prof vu Ste Anne) / als Stg fir Fam. Engeldinger-Mühlen

**<u>Mëttwoch / mercredi 17.07.</u>**

Dikrech 18.00 **Rousekranzgebiet (lëtz./port.)** an der Schönstattkapell

**<u>Donneschdeg / jeudi 18.07.</u>**

Dikrech 9.00 **Mass** op Meenung / fir Nicolas, Valentin a Bernard Weis

**<u>Freideg / vendredi 19.07.</u>**

U-Feelen 18.30 **Ubiedung**

**<u>Samsdeg / samedi 20.07.</u>** *(Hl. Apollinaris, Bëschof vu Ravenna, Märtyrer)*

Colmer-B. 15.00 **Hochzäit** vum Vicky Jung a Sven Brimmeyer

Dikrech 17.30 **Virowendmass** als Stg fir Nic Weis-Cloos

Ettelbréck 19.00 **Spectacle « Laudato Si »**
(**KENG Virowendmass**) ➡ *cf. Affiche S.20*




Mäerzeg 19.00 **Virowendmass** als 1. JM fir Nadine Steffen /
JM fir Bob Schmitz a Mass fir déi Liew. a Verst. vun der Fam. Pletschette a Schmitz /als Stg fir Fam. Nei-Biver /
Stg fir J.P. Hansen

Reisduerf 19.00 **Virowendmass** fir Paul Nippertz / Tom Weber an Theodore Mathias, uschl. **Autoseenung**

**« Ayez soin de la Création. Mais surtout,**
**prenez soin des personnes**
**qui n'ont pas le nécessaire pour vivre.**

*Pape François (Tweet du 14 novembre 2013)*

## Anliegen des Papstes für Juli

**FÜR DIE SEELSORGE AN DEN KRANKEN**

Beten wir, dass das Sakrament der Krankensalbung den Menschen, die es empfangen, und ihren Angehörigen die Kraft des Herrn schenkt und für alle immer mehr zu einem sichtbaren Zeichen der Barmherzigkeit und Hoffnung wird.



*© pixabay.com*

**Sonndeg / dim. 21.07. 16. Sonndeg Jkr B** Mk. 6, 30-34

| | | |
|---|---|---|
| Dikrech | 8.30 | **Messe** en langue **port.** |
| Méischtref | 9.00 | **Houmass** fir Toni Pereira Gomes / José Pereira Gomes / op Meenung |
| | ➡ | uschl. **Autoseenung** |
| Schieren | 9.00 | **Houmass** als JM fir Léonie a Jean-Paul Ley a Mass fir Emile Ley an d'Verst. vun der Fam. / Mass fir Vic Feipel / Jeannine an Tony Nickels-Bonnaud / Stg fir Maria Olsem |
| Angelduerf | 9.30 | **Houmass** |
| Dikrech | 10.30 | **Houmass** fir Marcelle an André Bierne-Sevaut |
| Ettelbréck | 10.30 | **Houmass** fir Ady a Pol Nicolay-Freimann / fir Josy Majerus |
| Gilsdref | 10.30 | **Houmass,** uschl. **Autoseenung** |

**Dënsdeg / mardi 23.07.** *(Hl. Birgitta vu Schweden, Mamm, Uerdensgrënnerin, Schutzpatréinesch vun Europa)*

| | | |
|---|---|---|
| Ettelbréck | 9.30 | **Mass** |

**Mëttwoch / mercredi 24.07.** *(Hl. Christophorus, Märtyrer)*

| | | |
|---|---|---|
| Dikrech | 18.00 | **Rousekranzgebiet (lëtz./port.)** an der Schönstattkapell |

**Donneschdeg / jeudi 25.07.** *(Hl. Jakobus, Apostel)*

| | | |
|---|---|---|
| Dikrech | 9.00 | **Mass** |


**Freideg / vendredi 26.07.** *(Hll. Joachim an Anna, Eltere vun der Gottesmamm)*

| | | |
|---|---|---|
| U-Feelen | 18.30 | **Ubiedung** |

**Samsdeg / samedi 27.07.**

| | | |
|---|---|---|
| Dikrech | 17.30 | **Virowendmass** |
| Bettenduerf | 19.00 | **Virowendmass** fir Fam. Thommes-Schroeder / Emile a Rélie Reuter-Meyers / Stg fir Germaine a René Müller-Lanners |
| Colmer-B. | 19.00 | **Virowendmass** fir Josy Baum an d'Verstuerwe vun der Famill |

© pixabay.com



**La vraie joie est d'abord intérieure.**
**Elle est reconnaissance.**
**Elle est action de grâce.**

*Frère Roger de Taizé*

**<u>Sonndeg / dim. 28.07.</u> 17. Sonndeg Jkr B** Joh. 6, 1-15
*Weltdag vun de Grousselteren a Senioren*
*(vum Poopst Franziskus ausgeruff den 31.01.2021)*

| | | |
|---|---|---|
| Ierpeldéng | 9.00 | **Houmass** fir Nic Welter a seng Elteren |
| Feelen | 9.00 | **Houmass** als 1. JM fir Robert Daubach / Mass op Meenung zur Muttergottes (GS) |
| Méischtref | 9.00 | **Houmass** fir Alice Fonseca Moreira, Manuel Lopes a Rosi Millen / Stg fir Valentin Bormann a Marie Roeder |
| Angelduerf | 9.30 | **Houmass** |
| Dikrech | 10.30 | **Houmass** fir Jos Eilenbecker |
| Ettelbréck | 10.30 | **Houmass** als JM fir Paul Thoma / fir Jemp Dahm a Fam. / Anna Agnes / Marie-Josée Meurisse-Marx a Fam. / António da Silva Bastos |
| Gilsdref | 10.30 | **Houmass** |

**<u>Dënsdeg / mardi 30.07.</u>** *(Hl. Petrus Chrysologus, Bëschof vu Ravenna, Kierchel..)*

| | | |
|---|---|---|
| Ettelbréck | 9.30 | **Mass** als JM fir Henri Hilbert |

**<u>Mëttwoch / mercredi 31.07.</u>** *(Hl. Ifnatius vu Loyola, Grënner vum Jesuitenuerden)*

| | | |
|---|---|---|
| Dikrech | 18.00 | **Rousekranzgebiet (lëtz./port.)** an der Schönstattkapell |

**<u>Donneschdeg / jeudi 01.08.</u>** *(Hl. Alfons Maria vu Liguori, Uerdensgrënner, Bëschof, Kierchelehrer)*

| | | |
|---|---|---|
| Dikrech | 9.00 | **Mass** fir Marietta an Aldo Aallatorre / op Meenung |

**<u>Freideg / vendredi 02.08.</u>** *(Hläerz Jesu Freideg)*

| | | |
|---|---|---|
| U-Feelen | 18.30 | **Ubiedung** |

## Anliegen des Papstes für August

### FÜR POLITISCH VERANTWORTLICHE



Wir beten, dass die politisch Verantwortlichen sich in den Dienst ihres Volkes stellen, sich für eine ganzheitliche menschliche Entwicklung und das Gemeinwohl einsetzen, sich um diejenigen kümmern, die ihren Arbeitsplatz verloren haben und den Ärmsten Vorrang geben.

**Samschdeg / samedi 03.08.**

Dikrech 16.00 **Beicht**

16.30 **Rousekranz - Ubiedung**

17.30 **Virowendmass** fir Henriette an Eugène Feller-Weber

Mäerzeg 19.00 **Virowendmass** als 6. WM fir Christophe Besch / Jorgedächtnis fir Lisa Hirtzig-Scheuer a Mass fir Camille Rasquin

**Sonndeg / dimanche 04.08. 18. Sonndeg am Jkr B** Joh 6, 24-35

Schieren 9.00 **Houmass**

Welschent 9.00 **Kiermesmass** fir Jos Frauenberg / Dora a Marcel Dupont / Jos Brochmann

➨ *dëse WE: Affer fir d'Kierchen am Hellege Land*

Angelduerf 9.30 **Houmass**

Dikrech 10.30 **Houmass**

Ettelbréck 10.30 **Houmass** als Stg fir d'Verst. vun der Fam. Schmit-Wenkin

**Dënsdeg / mardi 06.08.** *(Verklärung des Herrn)*

Ettelbréck 9.30 **Mass** fir Cécile Thein a Famill

**Mëttwoch / mercredi 07.08.**

Dikrech 18.00 **Rousekranzgebiet (lëtz./port.)** an der Schönstattkapell

**Donneschdeg / jeu. 08.08.** *(Hl. Dominikus, Priester, Grënner v. Dominikaneruerden)*

Dikrech 9.00 **Mass** fir Mario an August Kohnen / op Meenung

**Freideg / vendr. 09.08.** *(Hl. Edith Stein, Uerdensfra, Märtyrin, Schutzpatr. Europa)*

U-Feelen 18.30 **Ubiedung**

**Samsdeg / samedi 10.08** *(Hl. Laurentius, Diakon, Märtyrer)*

Ierpeldéng 11.30 **Daf** vum Hana Drauth-Wallendorff

Welschent 15.00 **Hochzäit** vum Joyce van Gelabbek & Änder Steichen

Dikrech 17.30 **Virowendmass** fir Fam. Weis-Welter / Stg fir Gusty Coster a Cécile Coster-Wagner

Ettelbréck 17.30 **Virowendmass** als 1. JM fir Anna Maria Maurantonio a Mass fir Giuseppe Logrillo an Isabelle Logrillo / 3. JM fir Nick Heckemanns / Mass fir Francis Feypel a Fam. Feypel-Diederich-Eischen / op Meenung (A.T.)

Colmer-B. 19.00 **Virowendmass**

**Sonndeg / dim. 11.08. 19. Sonndeg Jkr B** Joh. 6, 41-51

| | | |
|---|---|---|
| Ierpeldéng | 9.00 | **Houmass** |
| Méischtref | 9.00 | **Houmass** fir Roger an Alfred Schackmann |
| Feelen | 9.00 | **Houmass** |
| Angelduerf | 9.30 | **Houmass** |
| Dikrech | 10.30 | **Laurentius-Kiermesmass** |
| Ettelbréck | 10.30 | **Houmass** fir Anna Agnes |
| Gilsdref | 10.30 | **Houmass** |

**Dënsdeg / mardi 13.08.** *(Hl. Pontianus, Poopst)*

| | | |
|---|---|---|
| Ettelbréck | 9.30 | **Mass** als Stg fir Fam. Braun-Schumacher |

**Mëttwoch / mercredi 14.08. (***Hl. Maximilian Maria Kolbe, Uerdemspriester, Märtyrer)*

| | | |
|---|---|---|
| Dikrech | 18.00 | **Rousekranzgebiet (lëtz./port.)** an der Schönstattkapell |
| N-Feelen, *National Pompjeesschoul*<br>KOLPING Feelen | 19.00 | R-V am Haff, **Ubiedung be der Grott** um Hiwwel, uschl.am Garage vun der Nationaler Pompjeesschoul: **Festmass mat Seene vum Kraiderwësch** fir Jean-Pierre Binsfeld / op Meenung zur Muttergottes (GS)<br>*duerno offréiert de Kolping Eisekuchen a Gedrénks* |

**Donneschdeg / jeudi 15.08. Héichfest vu Maria Himmelfaart - Krautwëschdag**

| | | |
|---|---|---|
| Schieren | 9.00 | **Festmass mat Seene vum Kraiderwësch**<br>*(Gaart an Heem Schieren)* |
| Dikrech | 10.30 | **Festmass mat Seene vum Kraiderwësch /**<br>fir Lotty Bourg-Nicolas, Här a Mme Joseph Bourg-Graaf, Här a Mme Eugène Nicolas-Steffen |
| Ettelbréck | 10.30 | **Festmass mat Seene vum Kraiderwësch**<br>*(natur&ëmwelt Sektioun Nordstad) /*<br>als Stg fir Fam. Gaul-Guden /<br>Stg. fir Marcel a Christine Majeres-Bissen |
| Scheedel | 19.00 | **Kiermesmass** |

## 15 AOÛT: ASSOMPTION DE LA VIERGE MARIE

**Alléluia. Alléluia.**
**Aujourd'hui s'est ouverte la porte du paradis:**
**Marie est entrée dans la gloire de Dieu;**
**exultez dans le ciel, tous les anges. Alléluia.**



**Freideg / vendredi 16.08.** *(Hll. Stephan, Kinnek vun Ungarn)*

U-Feelen 18.30 **Ubiedung**

**Samschdeg / samedi 17.08.**

Ettelbréck 11.30 **Daf** vum Leo Schmit

Dikrech 17.30 **Virowendmass**

Ettelbréck 17.30 **Virowendmass**

Bettendorf 19.00 **Virowendmass** fir Abbé Jos Sauber / Marie Meyers / Pierre Mergen / Stg fir Mathias Weber, Maria Graf, Paul Weber an Elteren

Mäerzeg 19.00 **Virowendmass** fir Marcel Schreiner / fir déi Liew. a Verst. vun de Famille Pletschette a Schmitz

**Sonndeg / dimanche 18.08. 20. Sonndeg Jkr B** Joh 6, 51-58

Kiemen 9.00 **Houmass** fir Margot an Emile Georges / Jean Hoffmann, Catherine Hoffmann-Huberty, Egide Weis a Bertha Weis-Demuth / Jean-Paul Turpel

Méischtref 9.00 **Houmass** fir César Correia Costa

Schieren 9.00 **Houmass**

Angelduerf 9.30 **Houmass**

Dikrech 10.30 **Houmass** fir Jos Eilenbecker a Fam. Eilenbecker-Frères

Ettelbréck 10.30 **Houmass** fir Ady a Pol Nicolay-Freimann / fir Marc Schiltz

Gilsdref 10.30 **Houmass**

**Dënsdeg / mardi 20.08.** *(Hl. Bernhard vu Clairvaux , Abt, Kierchelehrer)*

Ettelbréck 9.30 **Mass**

**Méttwoch / mercredi 21.08.**

Dikrech 18.00 **Rousekranzgebiet (lëtz./port.)** an der Schönstattkapell

**Donneschdeg / jeudi 22.08.** *(Gedenkdag Maria Kinnegin)*

Dikrech 9.00 **Mass** op Meenung



*© pixabay.com*

**Nur die Ruhe in uns selbst lässt uns sorglos zu neuen Ufern treiben.**

*Adalbert Stifter*

**Freideg / vendredi 23.08.** *(Hl. Rosa vu Lima, Peru, Dominikaner-Tertiarin)*

U-Feelen 18.30 **Ubiedung**

**Samsdeg / samedi 24.08** *(Hl. Bartholomäus, Apostel)*

Dikrech 17.30 **Virowendmass**

Ettelbréck 17.30 **Virowendmass**

Colmer-B. 19.00 **Virowendmass**

Reisduerf 19.00 **Kiermesmass** als JM fir Etienne Diederich /
Mass fir Rose Theisen a Jean Schaaf

**Sonndeg / dim. 25.08. 21. Sonndeg Jkr B** Joh. 6, 60-69

Feelen 9.00 **Houmass** op Meenung zur Muttergottes (GS)

Ierpeldéng 9.00 **Houmass**

Méischtref 9.00 **Houmass** fir Toni Pereira Gomes /
José Pereira Gomes

Angelduerf 9.30 **Houmass**

Dikrech 10.30 **Houmass**

Ettelbréck 10.30 **Houmass** fir Jemp Dahm a Famill

Gilsdref 10.30 **Houmass**

Ettelbréck 11.45 **Daf** vum Emiliana Durrer

**Dënsdeg / mardi 27.08.** *(Hl. Monika, Mamm vum Hl. Augustinus)*

Ettelbréck 9.30 **Mass** fir Erna an Henri Hilbert-Welu /
Stg fir Fam. Colbach-Spautz

**Mëttwoch / mercredi 28.08.** *(Hl. Augustinue, Bëschof vun Hippo, Kierchelehrer)*

Dikrech 18.00 **Rousekranzgebiet (lëtz./port.)** an der Schönstattkapell

**Donneschdeg / jeudi 29.08.** *(Joresdag vun der Weih vun der Kathedral vu Lëtzebuerg)*

Dikrech 9.00 **Mass** fir Andrée Lamesch-Wersant /
Jeanne a Carlo Marx-Pleim / op Meenung

**Freideg / vendredi 30.08.**

U-Feelen 18.30 **Ubiedung**

**<u>Samsdeg / samedi 31.08</u>** *(Hl. Paulinus, Bëschof vun Tréier, Màrtyrer)*

Dikrech 15.00 **Hochzäit** vum Anabel Farmer & Daniel Mauer

Dikrech 17.30 **Virowendmass** als Stg fir Maisy an Théo Moulin-Weber

Ettelbréck 17.30 **Virowendmass** als JM fir Jos Kraus a Mass fir Abbé Gaston Kasel a Fam. Kraus-Kasel-Behm / Marie-Josée Meurisse-Marx a Fam. / António da Silva Bastos

Bettenduerf 19.00 **Virowendmass** fir Fam. Weber-Grotz-Merkes / fir déi, un déi kee méi denkt

Mäerzeg 19.00 **Virowendmass** als 1. JM fir Jean Gilson

**<u>Sonndeg / dim. 01.09.</u>** **22. Sonndeg Jkr B** Mk 7, 1-8, 14-15, 21-23
*Weltgebietsdag fir d'Bewahrung vun der Schöpfung,*
*(agefouert vum Poopst Franziskus de 6. August 2015)*

Buerschent 9.00 **Kiermesmass** fir Nic Lanners

Méischtref 9.00 **Houmass** fir Alice Fonseca Moreira, Manuel Lopes a Rosi Millen

Schieren 9.00 **Houmass**

Angelduerf 9.30 **Houmass**

Dikrech 10.30 **Houmass** als Stg fir J.P. Mergen a Marie Steffen

Ettelbréck 10.30 **Houmass** als 2. JM fir Josy Majerus / Mass fir Jos Maertz a Famill

Gilsdref 10.30 **Kiermesmass**

**<u>Dënsdeg / mardi 03.09.</u>** *(Hl. Gregor de Groussen, Poopst, Kierchelehrer)*

Ettelbréck 9.30 **Mass** fir Cécile Thein a Famill

**<u>Mëttwoch / mercredi 04.09.</u>**

Dikrech 18.00 **Rousekranzgebiet (lëtz./port.)** an der Schönstattkapell

**<u>Donneschdeg / jeu. 05.09.</u>** *(Hl. Teresa vu Kalkutta «Mutter Teresa», Uerdensgrënn.)*

Dikrech 9.00 **Mass** fir Marie-Thérèse Boever / Balthasar Lamesch / Angela a Bonaventura Pretti

### Anliegen des Papstes für September

**FÜR DEN SCHREI DER ERDE**

Wir beten, dass jeder von uns den Schrei der Erde und der Opfer von Umweltkatastrophen und Klimawandel mit dem Herzen hört und sich persönlich verpflichtet, für die Welt, in der wir leben, zu sorgen.



*© Yohanes Vianey Leint In pfarrbriefservice.de*

**Freideg / vendredi 06.09.** *(Häerz Jesu Freideg)*

U-Feelen 18.30 **Ubiedung**

**Samsdeg / samedi 07.09**

Ettelbréck 11.15 **Baptême** de Olivia Adam

Dikrech 11.30 **Daf** vum Meliana Gomes

Dikrech 16.00 **Beicht**

16.30 **Rousekranz an Ubiedung**

17.30 **Virowendmass** als Stg fir Jean-Pierre an Henriette Jacoby-Noé

Ettelbréck 17.30 **Virowendmass** als 10. JM fir Anne Kasel-Bodeving / Mass op Meenung (A.T.)

Colmer-B. 19.00 **Virowendmass**

Reisduerf 19.00 **Virowendmass**

**Sonndeg / dimanche 08.09.** **23. Sonndeg Jkr B** Mk 7, 31-37
*Weltdag vun de soziale Kommunikatiounsmëttel*

Feelen 9.00 **Houmass** als 6. WM fir Léonie Philippe-Mergen / Mass op Meenung zur Muttergottes (GS) / als Stg fir Fam. Weydert-Reding

Ierpeldéng 9.00 **Kiermesmass**

Méischtref 9.00 **Houmass** fir Toni Pereira Gomes

Angelduerf 9.30 **Houmass**

Dikrech 10.30 **Houmass** fir Robert Meres

Ettelbréck 10.30 **Houmass** fir den 20. Doudesdag vum Här Jos Maertz

Gilsdref 10.30 Houmass

**Dënsdeg / mardi 10.09.**


Ettelbréck 9.30 **Mass** als JM fir Cécile Thein / Stg fir d'Verstuerwe vun der Fam. Mich Schlesser an Elise Hagen

**Mëttwoch / mercredi 11.09.**

Dikrech 18.00 **Rousekranzgebiet (lëtz./port.)** an der Schönstattkapell

**Donneschdeg / jeu. 12.09.** ➡ **Diözesanwallfahrt op Banneux**

→ *Bus & Programm cf. S.21*



**Freideg / vendredi 13.09.** *(Hl. Johannes Chrysostomus, Bëschof vu Konstantinopel, Kierchelehrer)*

| | | |
|---|---|---|
| U-Feelen | 18.30 | **Ubiedung** |

**Samsdeg / samedi 14.09.** *(Fest Kräizerhéigung)*

| | | |
|---|---|---|
| Ettelbréck | 11.00 | **Baptême** de Lea Rego |
| Dikrech | 17.30 | **Virowendmass** |
| Ettelbréck | 17.30 | **Virowendmass** als Stg fir Fam. May-Dax |
| Bettenduerf | 19.00 | **Kiermesmass** fir d'Par |
| Mäerzeg | 19.00 | **Kiermesmass** fir Michel Koch / fir d'Verst vun der Fam. Thillens-Schroeder |

**Sonndeg / dimanche 15.09.** **24. Sonndeg Jkr B** Mk 8, 27-35

➡ *dëse WE: Affer fir d'pastoral Aufgabe vun der Erzdiözes*

| | | |
|---|---|---|
| Dikrech | 8.30 | **Messe** en langue **port.** |
| Schieren | 9.00 | **Houmass** |
| Schlënnermanescht | 9.00 | **Kiermesmass** |
| Méischtref | 9.00 | **Houmass** fir César Correia Costa |
| Angelduerf | 9.30 | **Houmass** |
| Dikrech | 10.30 | **Houmass** als 1. JM fir Corneille Ansay / Mass fir Margot Schmitz-Baltus / Suzanne a Pierre Leider-Kiesch |
| Ettelbréck | 10.30 | **Houmass** |
| Gilsdref | 10.30 | **Houmass** |
| Ettelbréck | 18.30 | **Messe** en langue **port.** |

**URLAUBSGEBET**



Das braucht seine Zeit
bis die Tage den anderen Rhythmus lernen
und langsam im Takt der Muße schwingen

das braucht seine Zeit
bis die Alltagssorgen zur Ruhe finden
die Seele sich weitet und frei wird vom Staub des Jahres

Hilf mir in diese andere Zeit Gott
lehre mich die Freude und den frischen Blick auf das Schöne
den Wind will ich spüren und die Luft will ich schmecken
Dein Lachen will ich hören
Deinen Klang und in alledem

Deine Stille

*Carola Moosbach*

# Apostolesch Visitt vum Hellege Vater zu Lëtzebuerg

## E Kado fir de Poopst

FIR ZE DÉNGEN
LËTZEBUERG
26.09.2024

Am Kader vun der apostolescher Rees op Lëtzebuerg, déi ënnert der Devise “Fir ze déngen” steet, iwwerreecht d’Äerzdiözees dem Hellege Vater de 26. September 2024 e Kado, fir him Merci ze soe fir seng Visitt an hie bei senge karitativen Aktiounen ze ënnerstëtzen. Dëse Kado, a Form vun engem Don, geet un d’Wierker vum **Dicastère pour le Service de la Charité** vum Hellege Stull, bekannt ënnert dem Numm **Aumônerie Apostolique**. D’Aumônerie Apostolique huet als Missioun, fir am Geescht vum Evangelium an am Numm vum Poopst, d’Baarmhäerzegkeet zu Gonschte vun deenen Aarmen, deene Schwaachen an deenen Ënnerdréckten uechter d’Welt ze liewen.

Wann Dir Iech un dësem Kado bedeelege wëllt, **kënnt Dir en Don maachen un d’Fondatioun Sainte-Irmine:** CCPL LU64 1111 7017 0305 0000 (mat der Mentioun: ***Don - Kado fir de Poopst***), wa méiglech virum 15. September. Fir Online-Donen: www.irmine.lu




## *Visite apostolique du Pape François au Luxembourg*

## *Un cadeau pour le Saint-Père*

*Dans le cadre de son voyage apostolique au Luxembourg placé sous la devise « **Pour servir** », l’Archidiocèse de Luxembourg remettra le 26 septembre 2024 un cadeau au Saint-Père pour le remercier de sa visite et le soutenir dans son action caritative. Ce cadeau, sous forme d’un don financier, sera destiné aux œuvres du **Dicastère pour le Service de la Charité** du Saint-Siège, connu sous le nom d’**Aumônerie Apostolique**. S’inspirant de l’Évangile, l’Aumônerie Apostolique a pour mission d’exercer la charité en faveur des pauvres, des personnes vulnérables et des exclus à travers le monde, au nom du Pontife romain.*

*Pour contribuer à ce cadeau, **vous pouvez faire un don à la Fondation Sainte-Irmine :** CCPL LU64 1111 7017 0305 0000 (avec la mention : **Don - cadeau pour le Saint-Père**), de préférence avant le 15 septembre. Pour vos dons en ligne : www.irmine.lu*

*Contact : Fondation Sainte-Irmine, 4, rue Génistre, L-2014 Luxembourg, info@irmine.lu .Vos dons sont déductibles de l’impôt dans les limites légales.*

# RÉCKBLÉCK: AKTIVITÉITEN, RELIÉIS FEIEREN

## Par-Kateches-Fest
## sonndes, den 30. Juni 2024 zu Ettelbréck



Ganz vill Leit haten sech zesummefonnt zu Ettelbréck am neie Scoutschalet am Grondwee, dëst vu verschiddenen Natiounen, kleng Kanner, Jonker a manner Jonker. All zesumme hu mir d'Mass gefeiert als Ofschloss vum Schoul-Kateches-Joer an zu Éiere vun den Hellege Péiter a Paul, deenen hirt Fest den 29. Juni war. Si si jo d'Patréiner vun der Par Ettelbréck.

Et konnt ee wierklech e Gemeinschaftsgeescht spieren am Gebiet, am Gesang an herno um Fest. Mam brasilianesche Lidd « *Em nome do Pai* » huet de Museksgrupp vun der Par (a klenger Besëtzung) den Optakt vun der Mass gemaach. Et war beréiernd ze héieren an ze gesinn, dass all d'Leit kräfteg an total begeeschtert



matgesong hunn, och bei den anere Lidder wéi « *Merci, merci Seigneur* » an «*Duerch dech, duerch mech lieft eis Gemeinschaft op* ». Ech géif mir wënschen, dass dat och an den anere Massfeiere sou wier.

Um Schluss vun der Mass hunn zwee Meederchen dem Diego e Cadeau iwwerreecht. Hien ass de 27. Abréll an der Kathedral zum Diakon geweiht ginn an d'Kanner vun der Kateches haten nach keng richteg Geleeënheet, fir him ze gratuléieren.





No der Mass hu mir zesummen Apéritif gedronk, an duerno lauter Köstlechkeete giess, Grillwurschten a Bifana, Panzerotti, wonnerbar Hausmaacher Zaloten an zum Schluss Kaffi mat engem herrlechen Dessert-Kuch-Buffet.



E puer ganz engagéiert Leit aus der Kateches hate wärend dem Dag flott Spiller fir d'Kanner organiséiert, eent awer och extra fir déi Erwuessen, an zwar d'Rotspill « Knöpfe Quiz ».Dës dräi sympathesch Dammen hu gewonn souwéi d'Véronique (op der Foto mat der Don-Këscht ). Et ware 7777 Knäpp an der Fläsch, an d'Sylvie hat dat op de Knapp geroden, wow!



Et war wierklech e ganz schéinen Dag, deen ee roueg widderhuele kann !

**FOTOEN:** Betty Barros a Marc Hubert
**TEXT:** Chantal H-Lutgen

*Beaucoup de personnes de nations différentes, petits enfants, jeunes et moins jeunes sont venus à la fête de la paroisse et de la catéchèse qui a été organisée au nouveau chalet scout au Grondwee à Ettelbruck. Tout le monde a chanté avec enthousiasme et joie, entre autre la chanson brésilienne « Em nome do Pai ».*




*A la fin de la messe, deux filles de la catéchèse ont offert un cadeau à Diego qui a été ordonné diacre samedi, le 27 avril à la cathédrale.*

*Après la messe nous avons pris l'apéritif et le repas ensemble : Grillwurschten, Bifanas, Panzerotti et une panoplie d'excellents desserts.*

*Des petits jeux étaient également organisés pour les enfants et même pour les « grands ».*





*C'était vraiment une belle journée, à refaire !*



# LES VACANCES : LE TEMPS DE SE REPOSER, LE TEMPS DE GRANDIR !

Il est intéressant de réfléchir à la sagesse de Dieu. Depuis la création, un jour par semaine pour s'arrêter... De temps en temps, une année sabbatique, qui avait la même signification : **se reposer.**

Cette pause n'est pas synonyme de paralysie ou de manque d'engagement, mais plutôt d'une période saine pour le corps, l'esprit et l'âme. Alors profitez-en ! Prenez du temps en famille, du temps pour les loisirs, mais aussi du temps pour la prière et la réflexion.

Soyons créatifs dans l'amour, cet amour inspiré par Dieu, qui construit l'humain et forme la personne. Ne laissons pas le silence de l'absence envahir nos maisons et nos vies. Saisissez l'occasion d'être ensemble à la maison et en communauté. Il est bon de combiner le temps libre avec ce qui apporte une croissance personnelle, culturelle et sociale. Rassemblez votre famille et vos amis pour la fête de la vie ! Faites de la vie une fête !

En fait, l'histoire de chacun d'entre nous est un mélange de lutte et de fête. Dans la lutte, nous préparons la fête ; dans la fête, nous reprenons des forces pour la lutte. Cela a un sens et donne un sens à notre existence. Parce que nous sommes des pèlerins et que nous devons faire bon usage du temps et des moments que Dieu nous donne. Que ce soit dans l'espoir et la recherche, ou dans l'accomplissement et la joie, nous sommes avec le Seigneur et nous cheminons vers lui.

**Je vous souhaite de bonnes vacances.**

*Diacre Diego Lima*



*Décor lors de la messe au Scoutschalet le 30 juin, photo: Betty Barros*

# FÉRIAS: TEMPO DE DESCANSO, TEMPO DE CRESCIMENTO !

É interessante refletir sobre a sabedoria de Deus. Desde a criação, há um dia por semana para parar... De tempos a tempos, um ano sabático, que tinha o mesmo significado: **descansar.**

Esta pausa não é sinónimo de paralisia ou de falta de empenho, mas sim um período saudável para o corpo, o espírito e a alma. Por isso, aproveite-o ao máximo! Passe algum tempo com a sua família, tenha tempo para o lazer, mas também para a oração e a reflexão.

Seja criativo no seu amor, esse amor inspirado por Deus que constrói o ser humano e molda a pessoa. Não deixe que o silêncio da ausência invada as nossas casas e as nossas vidas. Aproveite a oportunidade de estarmos juntos em casa e em comunidade. É bom combinar o tempo livre com coisas que tragam crescimento pessoal, cultural e social. Reúna a sua família e amigos para a celebração da vida! Faça da vida uma celebração!

De facto, a história de cada um de nós é um misto de luta e de festa. Na luta, preparamo-nos para a festa; na festa, recuperamos as forças para a luta. Isto faz sentido e dá sentido à nossa existência. Porque somos peregrinos e temos de aproveitar bem o tempo e os momentos que Deus nos dá. Seja na esperança e na procura, seja na realização e na alegria, estamos com o Senhor e caminhamos para ele.

**Boas férias para todos**

*Diácono Diego Lima*



*Foto: Jean-Paul Möller*

# INVITATIOUNEN



# INVITATIOUNEN

**KOLPING Feelen**

**INVITATIOUN**

fir d'Feier vum FEST MARIA HIMMELFAHRT

mëttwochs, de 14. AUGUST 2024 ZU NIDDERFEELEN

bei der NATIONALER POMPJEESSCHOUL, 25, rue de la Wark, L-9175 Niederfeulen.

**PROGRAMM :**

**19.00 AUER :**

- **RENDEZ-VOUS** am HAFF vun der Nat. Pompjeesschoul
  mat **UBIEDUNG** bei der **GROTTE** um Hiwwel
- uschléissend an der GARAGE vun der Nationaler Pompjeeschoul:
  **MASS** mat Seene vun de Kraiderwësch, déi een herno ka mat heem huelen.
- no der Mass offréiert de KOLPING FEELEN jidderengem eppes ze drénken
  an den traditionellen Eisekuch.

Mir géingen eis freeë wa vill Leit aus eiser Porgemeinschaft
géifen un dëser Feier deelhuelen.

(et ass **KENG Prossessioun** vun der Nidderfeelener Kiirch bis bei d'Pompjeesschoul)

De Kommitee an d'Memberen vum Kolping Feelen

## WALLFAHRT ÄERZDIÖZES LËTZEBUERG op BANNEUX DONNESCHDES, DEN 12.09.2024

### 1 gemeinsame Bus fir d'Paren Dikrich an Ettelbréck



Départ-Zäite vum Bus:

- 7h00: Lëpschtert Dellt (Hotel Leweck)
- 7h15: Dikrich (virun der Kierch)
- 7h45: Colmer-Bierg (Abri Post/Route d'Ettelbruck)
- 7h50: Schieren (Faubourg)
- 8h00: Ettelbréck (bei der Däichhal)
- 8h10: Nidderfeelen (Gemeng/Mairie)

10h30: Mass / 15h30: Andacht
...Mëttegiessen op eegen Initiativ.

Retour : Départ zu Banneux no der Sakramentsandacht, (also ca. 17.00 Auer)

Präis fir de **Bus: 30,00 €** (Erwuessener) a **15,00 €** (Kanner,
si musse vun engem Erwuessene begleet ginn)

**UMELDUNG ➡ bis freides, den 30.08.**

➡**am Parbüro Ettelbréck,** Tel. 81 84 61-21 oder Mail: ettelbreck@cathol.lu

# INVITATIOUNEN

ACTION CATHOLIQUE DES FEMMES DU LUXEMBOURG

## Fraen a Mammen Paren Dikrich/Ettelbréck

Heimat luede mir Iech häerzlech an op eise

## Summerausfluch mëttwochs, den 28. August 2024 mat der M.S. « Princesse Marie-Astrid » op Tréier

| Départ Bus: | Wou? | Auerzäit: |
|---|---|---|
| Bettendorf | Bei der Gemeng | 9.45 |
| Dikrich | Bei der Kierch | 9.55 |
| Ierpeldéng | Um Dreieck | 10.05 |
| Ettelbréck | Beim Pontalize | 10.15 |
| Schieren | Am Fauburg | 10.25 |
| Colmer-B. | Rue d'Ettelbruck | 10.30 |




| | |
|---|---|
| 11.30 | Départ « Princesse Marie-Astrid » Gréivemaacher |
| 12.15 | Mëttegiessen um Schëff |
| 14.00 | Arrivée a Fräizäit zu Tréier,<br>➡ ee Bus féiert eis an den Zentrum an zréck |
| 16.15 | Départ vum Schëff zu Tréier |
| 17.50 | Arrivée Waasserbëlleg an Heemrees |

**De Präis vum Tour ass 75 Euro.**

**D'Iwwerweisung op de Kont bis spéitstens den 8. August gëllt als Umeldung.**

**CCPLLULL: LU02 1111 1961 7036 0000**
**vun: Action Catholique Féminine Doyenné DIEKIRCH**

*Hutt dir nach Froen, da rufft eis un um Telefon:*

- *Beim Henriette: 621 511 711*
- *Beim Félicie: 691 899 654*



| PASTORALÉQUIPE / EQUIPE PASTORALE<br>PAROISSES DIEKIRCH ET ETTELBRUCK | |
|---|---|
| **RICHER Romain**,<br>curé-doyen adj. | ☎ 621 417 105<br>romain.richer@cathol.lu |
| **GRZANKA Gregor**,<br>curé | ☎ 27 75 87 44<br>gregor.grzanka@cathol.lu |
| **LAUER FAVORETTI André**,<br>vicaire | ☎ 621 788 351<br>andre.favoretti@cathol.lu |
| **COLLING Paul,** subsidiaire | |
| **FRANCK Albert**, prêtre en retraite<br>engagé au sein de la paroisse | ☎ 80 32 78 |
| **IHRY PIERRE**,<br>subsidiaire | ☎ 81 77 90 |
| **LIMA Diego**,<br>diacre | ☎ 661 262 062<br>diego.delima@cathol.lu |
| **MOLITOR Martin**,<br>subsidiaire | ☎ 691 958 095<br>martin.molitor@cathol.lu |
| **MÖLLER Jean-Paul**,<br>diacre | ☎ 621 26 13 61<br>jean-paul.moeller@cathol.lu |
| **FELLER Véronique**,<br>coopératrice pastorale | ☎ 621 74 38 57<br>veronique.feller@cathol.lu |
| **HÜNEKE Regina**,<br>coopératrice pastorale | ☎ 621 468 833<br>regina.hueneke@cathol.lu |
| **FERREIRA Sara**,<br>auxiliaire pastorale | ☎ 81 84 61-22 & 621 201 011<br>sara.ferreira@cathol.lu |
| **HUBERT-LUTGEN** Chantal,<br>secrétaire paroissiale<br>pour **ETTELBRUCK** | ☎ 81 84 61-21<br>chantal.hubert-lutgen@cathol.lu |
| **LOTZKES** Chantal,<br>secrétaire paroissiale<br>pour **DIEKIRCH** | ☎ 80 32 94<br>chantal.lotzkes@cathol.lu |

**IMPRESSUM:**
Tirage Parbréif Nr.6-2024 → 1600 exemplaires
papier 100% recyclé écologique en 90 g/m2.

**Troisvierges** exePRO PRINT & PACKAGING

## PAR DIKRICH
## LE BON PASTEUR



1, rue Jean l'Aveugle
L-9208 Diekirch
Tel.: 80 32 94
Mail: dikrich@cathol.lu

Homepage: **https://cathol.lu/dikrich**

**Konto Massintentiounen /**
**compte intentions de messe:**

**CCPLLULL**
**IBAN LU90 1111 0079 4689 0000**

**PERMANENCE**
**SEKRETARIAT DIKRICH**

☎ **80 32 94**

Méin., Mëttw., Do., Frei. /
*lu., merc., jeu., ven.*

➡ 10h00 -12h00

**dënsdes zou / *fermé le mardi***



**NÄCHSTE PARBRÉIF /**
***PROCHAIN BULLETIN PAR.***
**NR. 7-2024 (15.09-20.10.)**

➡ **Redaktiounsschluss /**
***délai de rédaction***

**Freideg / *vendredi* 30.08. (12h00)**

## PAR ETTELBRÉCK
## SAINTS-PIERRE-ET-PAUL

10, Impasse Abbé Muller
L-9065 Ettelbruck
Tel. standard: 81 84 61
Mail: ettelbreck@cathol.lu

Homepage:
**https://cathol.lu/ettelbreck**

**facebook**: Par Ettelbréck
Saints-Pierre-et-Paul

**Konto Massintentiounen /**
**compte intentions de messe:**

**Spuerkeess, BCEELULL**
**Kierchefong C.T. /Ettelbreck**
**IBAN LU55 0019 5055 7221 4000**

**PERMANENCE**
**SEKRETARIAT ETTELBRECK**

☎ **81 84 61-21**

Méin., Mëttw., Do., Frei. /
*lu., merc., jeu., ven.*
➡ 10h00-12h00

a mëttw. / *et merc.*

➡ 16h00 -18h00

**dënsdes zou / *fermé le mardi***

**PARSEKRETARIAT ETTELBRÉCK :**

➡ **SUMMERCONGÉ / CONGÉ D'ÉTÉ:**
**15.– 26.07.**
**& 16.08.2024**

**Permanence:**
Mëttw./ *mercr.* 17. & 24.07.
vun / *de* 16h00 -18h00



**PARSEKRETARIAT DIKRICH:**

➡ **SUMMERCONGÉ / CONGÉ D'ÉTÉ:**
**29.07.– 16.08.2024**

**Permanence:**
Donn. / *jeu.* 01.08 & 08.08.
vun / *de* 10h00-12h00

**Vum 19.08. - 15.09.**
**Permanence:** Mëttw./ *mercr.*
vun / *de* 10h00 - 12h00